


05. November 2022 / 59

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,

Vill ass am Mount Oktober geschitt. Vill Jugendsektioun hunn deelgeholl un deenen ëtlechen Cortègen fir d'Journée de Commémoratioun > Merci.

An villen Sektioun gëtt äifreg trainéiert an geléiert, well am November fannen an allen Regiounen nees Wëssenstester statt, wou vill Jugendlech hir Kënnen a Wëssen wäerten ënner Beweis stellen.

Verschidden Sektiounen hunn sech et dunn och net huelen gelooss fir "HALLOWEEN" eppes ze organiséieren, sief des Party, Bal oder einfach Kürbissen verschaffen.




Och eng flott Aktioun war säitens dem CGDIS:

Wënsch un all eis Pappen fir den Pappendag.

De CGDIS wënscht alleguer de Pappen e schéine Pappendag. Ob fräiwëllege Pompjee, haaptberufflleche Pompjee oder Member vun eisem administrative Personal, wënscht de CGDIS alle Pappen aus dem Rettungsdéngscht e ganz besonnesche schéine Pappendag.

Wëssenstester 2022 vum JFA an de Regiounen:

| Datum | Wou |
|---|---|
| 12.11.2022 – 09.00 Auer | Consdorf |
| 19.11.2022 – 09.00 Auer | Miersch |
| 19.11.2022 – 14.30 Auer | Schëffleng |
| 26.11.2022 – 14.00 Auer | Rammerech |

**Merci am Numm vum JFA!**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068

**POMPJEESVERBAND FLASH** Save the date 2022

**National Pompjees-Schwammmeschterschaft**
26.03.2023 -> Dikkrech

**AG vum Pompjeesverband a Jugendpompjeeën**
28.04.2023 -> Syren

# EVENT-KALENNER vum CGDIS :

**Manifestations**



Hutt Dir eng Festivitéit mat Ärer Amicale, CIS oder soss eng Manifestatioun? Deelt eist dëst per Mail op communication@cgdis.lu mat.

## INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)

Hei sinn Datumer vun deenen nächste Sportstester an Aschreiwung gëtt just iwwert den DPV gemaach → Kontakt Tél: +352 49771 2332 oder **volontariat@cgdis.lu**

| 2022 | | |
|---|---|---|
| **November** | **26.11.** | **CNIS** |
| **Dezember** | **17.12.** | **Bascharage** |

Dann och nach den Link fir déi nei Newsletter CGDIS 10/2022: **https://gd.lu/1BPjpf**

## Flott Aktiounen aus der Jugendaarbecht:

CIS Bertrange-Strassen:




Um Nationale Erennerungsdag wor den CIS Bartreng-Stoossen mat der Jugend zu Bartreng an zu Stroossen vertrueden.




CIS Canach:


E puer Impressiounen vun eisem Dag bei den Pompjeeën.



CIS Biwer:

Übung mat der Jugend





CIS Kopstal:




Bedeelegung beim “Welcome Brunch” vun der Gemeng an organiséiert säitens der Integratiouns Kommissioun.



CIS Habscht:
Kürbisschnitzen 2022 ☺



CIS Consdorf:




Leschte Weekend hate mir eise Kannerhallowen Bal. Dat war déi éischte Kéier dass sou eppes bei eis an der Gemeng ugebuede gouf.
Wei gesot, en grousse Merci a mir hoffen et huet Iech Spaß gemaach.



CIS Schifflange:

Halloweenparty fir Kanner vum CIS Scheffleng.

Kanner a Moniteuren wuaren mat Eifer derbei Nach e groussen Merci un Lara an un de Vic dei eis Kürbiszopp a Pankecher gezaubert hunn.



CIS Rambrouch:



Nom sportlechem September, goung et am Oktober erëm mat den Übunge lass. Wärend zwee Sonndig'er waren déi zwou Jugendpompjeeësgruppen aktiv an hunn ënner anerem d'Funklehre, d’Standard-Einsatz-Regel (SER) fir ee Brand an engem Eefamilljenhaus an d'Schaffe mat den pneumatischen Këssen gesinn. Hei e puer Impressioune vun den éischten Übungen.



CIS Dalheim:

Mir waren mat 16 vun eisen Jugendpompjeeën op Visit beim Centre d'Incendie et de Secours Remich. Hei hun si mol Gefierer gewisen kritt déi mir selwer net hun, wei den RTW, HLF oder och dem TMF den Kanner ganz imposant fonnt hun. En groussen Merci un den CIS Réimech.



CIS Lintgen:

5 Jugendlecher beim regionalen Völkerball um Houwald.






CIS Remich:

Jugendübung:

Ugefaang hu mir mat engem Spill, wou Teamwork, wat bei eis wichtëg ass, gefrot woar.

Duerno hu mir eis d'Schaufeltrag aus dem RTW 2 ugekuckt, a mat der Schleifkorbtrag aus dem HLF opgehal.

108 CTIF Jugendkommissioun Reunioun zu Versailles (F).
Iwwert den WE vum 14. op den 15. Oktober 2022 hunn 2 Memberen vum JFA un dëser Reunioun deelgeholl.



**Nationalen Cross zu Weiswampach den 01.10.2022:**



Resultater fannt dir um Site vun der Pompjeesfederatioun ënnert:
https://www.fnsp.lu/media/pdf/Resultats-Cross-2022.pdf

E groussen Merci fir Är Disziplin trotz de schlechten Wiederconditiounen. Duerch Är Mathëllef konnten mir alleguerten Startzäiten anhalen.

Och e Merci un dat ganz Team vum CIS Weiswampach, hirer Amicale an alleguerten deenen, déi op der Plaz eng Hand mat ugepaakt hunn.










Dëst Joer huet den CIS Rambrouch et färdeg bruecht, dass si déi 2 Coupen, d.h. Coupe Stracks (Jugend) a Coupe Krieps, gewonnen hunn.

